# Huelt den Organspenderpass un an drot en ëmmer bei lech!

**PASSEPORT DE VIE**

**DON D'ORGANES**

LA VIE CONTINUE

# BESTELLUNG VUN ORGANSPENDERPÄSS

**Unzuel**

Numm ........................................

Virnumm ........................................

Adress ........................................

Postleitzuel ........................................

Uertschaft ........................................

# FAQ

**Wéi gëtt een Organspender?**
Et gëtt keng offiziell Organspenderléscht. Dir fëllt just den Organspenderpass („Passeport de Vie"), deen hei bäiläit, aus an drot en ëmmer bei lech, z.B. am Portmonni. Et ass ganz wichteg, dass Dir Äre Léifsten Är Entscheedung matdeelt, fir dass Äre leschte Wonsch respektéiert gëtt.

**Gëtt et eng Alterslimitt bei der Organspend?**
Nee, et gëtt keng. Wichteg ass d'Qualitéit vun den Organer.

**Wéi eng Organer kënnen transplantéiert ginn?**
Déi am dackste transplantéierten Organer sinn d'Nieren, d'Häerz, d'Longen an d'Liewer.

**Firwat ass Lëtzebuerg Member bei Eurotransplant?**
Déi 8 Memberstaaten zielen zesummen 136,6 Mio Awunner, wat eng héich kritesch Mass garantéiert. D'Wahrscheinlechkeet, e passend Spenderorgan ze fannen, klëmmt doduerch enorm.

**Dir hutt nach weider Froen?**
Besicht eisen Internetsite an eis sozial Medien. Hei fannt Dir weider Informatiounen zu der Organspend an zu eisen nächsten Aktiounen.

**www.protransplant.lu**

SCANNEZ ICI POUR LE FRANÇAIS
FOR ENGLISH SCAN HERE
FÜR DEUTSCH HIER SCANNEN
PARA PORTUGUÊS LÊ AQUI

**PROTRANSPLANT.LU**
B.P. 1863
L-1018 Luxembourg

**Infoline :**
(+352) 691 53 53 53
*Association sans but lucratif*

**Protransplant**

# SIDD DIR SCHONN **ORGANSPENDER?**



Trefft Är Entscheedung elo!

**ORGANSPEND RETT LIEWEN!**

PASSEPORT DE VIE
DON D'ORGANES
LA VIE CONTINUE

10 ANS PROTRANSPLANT.LU

# WIE SI MIR?

PROTRANSPLANT.LU ass eng ASBL, déi am Oktober 2021 hiren 10. Gebuertsdag gefeiert huet. D'Associatioun gouf vun engem Grupp vu Patienten, Transplantéierten, Familljememberen a Fleegepersonal gegrënnt, mat den Haaptziler, d'Organspend zu Lëtzebuerg ze fërderen an eng géigesäiteg Hëllef fir Betraffener, hire Familljen an de Patienten, déi op eng Organspend waarden, ze bidden.

Eis ASBL huet déi grouss Éier ënnert dem Haut Patronage vun den Altesse-Royallen, dem Grousshierzog an der Grousshierzogin, ze stoen an huet säit 2016 de Statut "d'utilité publique".

**Statistesch gesi stierwen zu Lëtzebuerg all Joer 6 Leit well kee passend Spenderorgan matzäite fonnt gouf. Dofir setzt sech PROTRANSPLANT.LU säit Jore fir d'Fërderung vun der Organspend zu Lëtzebuerg an.**

Weltdag vun der Organspend

**17. Oktober**

## EIS MISSIOUNEN?

- D'Fërderung vun der Organspend
- D'géigesäiteg Hëllef vun den Transplantéierten an de Patienten, déi op e Spenderorgan waarden
- D'Verbindung mat nationalen an internationalen Organisatiounen hierstellen, déi déi selwecht Ziler verfollegen
- D'Ënnerstëtzung a Begleedung vun de betraffene Familljen

# WËLL ECH ORGANSPENDER GINN?

**Informéiert Iech bei PROTRANSPLANT.LU** » **Schwätzt mat Ärer Famill** » **Trefft Är Entscheedung a fëllt den Organ-spenderpass aus**




Ech wëll Organspender ginn




Ech wëll net Organspender ginn

# MERCI!

MAACHT EN DON

Dir kënnt eis ënnerstëtzen andeems Dir en Don maacht oder Member gitt: Joresbäitrag ab 10€

**BCEE LU06 0019 3755 0395 4000**

## TREFFT ÄR ENTSCHEEDUNG

Är Entscheedung a Bezuch op d'Organspend ass mat Respekt ze behandelen a gëtt och respektéiert. Egal ob Dir Iech dofir oder dogéint entscheet, ass et wichteg, Är Entscheedung matzedeelen a mat Äre Léifsten driwwer ze schwätzen. Drot Äre Organspender-pass bei Iech, fir Är Meenung ze bezeien.

Är Entscheedung wäert d'Aarbecht vun de medezineschen Equippe vereinfachen, well d'Prozedure vun der Transplantatioun e Wettlaf géint d'Zäit sinn. Duerch Är eegen Entscheedung huelt Dir Ärer Famill eng immens schwéier an emotional Laascht of, an dat an enger extrem tragescher an dacks onerwaarter Situatioun.

Bestellt gratis weider Organspender-päss andeems Dir d'Postkaart ausfëllt an un eis zeréckschéckt.

PRIORITAIRE
IBRS/CCRI no 14572

PORT PAYE
PAR LE
DESTINATAIRE

REPONSE PAYEE / REPLY PAID
LUXEMBOURG

PROTRANSPLANT.LU

ENVOI-REPONSE 14572
L – 3208 BETTEMBOURG